lokale Firmaen amgaangen, ze kucken, fir d'Dechete besser evakuéiert ze kréien.

Wat elo méi spezifesch d'Decheten a punkto Medikamenter ubelaangt, sou ass dat jo am Fong geholl en Element, wat an d'Waasser kënnt, wat eist Waasser verknascht. An do huet all Haus intern eng Separatioun vun eebe Reewaasser an Eaux usées. A bei den Neibaute wäerte mer higoen a probéieren, d'Eaux usées opzebrauchen, dat heescht, nach eng Kéier opzebereeden, fir datt esou mann wéi méiglech Decheten dra sinn, haaptsächlech och Dechete vun de Radiotherapien. Dat leeft besonnesch bei den Neibauten. Wat d'Opréschtung ugeet vun deene Gebaier, déi existéieren, do huelen déi jeeweileg Verwaltungsréit hir Decisiounen an hunn dat och um Radar.

Wat elo d'Medikamenter spezifesch ubelaangt: Wa se guer net gebraucht ginn, wa se net verbraucht ginn, da komme se och net an d'Ofwaasser. Dat heescht, déi éischt Pist ass, Medikamenter just dann ze verschreiwen, wa se wierklech noutwendeg sinn. An ënner anerem hutt Der d'Antibiotiquen ugeschwat. Do hu mer de Plan national antibiotiques, wou wierklech en Appell gemaach gëtt an ëmmer Formatioune gemaach ginn, datt mer sou mann wéi méiglech Antibiotiquë solle verschreiwen.

Dernieft hu mer – Dir konnt et vläicht gesinn op de Soziale Meedien – elo nach eng rezent Campagne gemaach, datt am Fong e Medikament kee Bonbon ass. Dat heescht, dat soll een net esou huelen, wéi wann et normal wier, datt een et hëlt, an ëmmer do mat engem sengem Dokter zesumme kucken, datt een esou mann wéi méiglech Medikamenter muss huelen. Déi Campagnë lafe reegelméisseg, lafe systematesch a wäerten och an Zukunft virulafen.

Des Weidere si mer mam Syndicat des pharmaciens am enke Kontakt, fir de Gaspillage vu Medikamenter erofzekréien, andeems si och Sammelstelle maache fir Medikamenter, déi net verbraucht gi sinn, fir datt déi net am normalen Haushaltsmüll landen.

Fir de Rescht denken ech, datt mer an der Santé zemools och mussen an enger One-Health-Logik ënnerwee sinn, datt all déi Saachen, déi verbraucht ginn, all déi Saachen, déi an de Spideeler verbraucht ginn, ëmmer esou solle verbraucht ginn, datt se dee klengsten Impakt op d'Ëmwelt hunn. Dat heescht, Saachen, déi kënne recycléiert ginn, Saachen, déi zweemol kënne gebraucht ginn, Saachen, déi kënne steriliséiert ginn, gi privilegéiert vis-à-vis vu Saachen, déi d'office mussen ewechgehäit ginn. A wa se mussen ewechgehäit ginn, dann triéiere mer se esou, datt se idealerweis nach eng Kéier an de Recyclage kënne kommen. Do wäerte mer och an den nächste Jore bei den Neibauten drop oppassen. A spezifesch fir d'Ofwaassergestioun ginn ech dann elo d'Wuert virun un den Ëmweltminister.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch. Den Här Ëmweltminister huet d'Wuert.

**M. Serge Wilmes,** Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Merci, Här President. Merci der Madamm Bernard fir hir Fro. Ech géif zwee Punkte virbréngen: Dat eent ass den Impakt op d'Waasser vun aktive Substanze vun de Medikamenter an dat anert ass d'Gestioun vun dem Medikamentenoffall.

Wat fir en Impakt huet et op d'Waasser? Ma d'Wasserwirtschaftsamt analyséiert u sech ëmmer ganz reegelméisseg d'Presenz vu bestëmmte Medikamenter hire Substanzen an den Uewerflächegewässer a mécht punktuell Iwwerwaachungen och vun anere pharmazeutesche Substanzen. Dës Analysen informéieren dann iwwert d'Presenz an d'Konzentratioun vun deene Substanzen.

Allerdéngs, well et fir déi meescht vun deene Substanze keng offiziell gesetzlech Grenzwäerter gëtt, also keng sougenannten Norme fir d'Ëmweltqualitéit, ass et net méiglech, formell ze bewäerten, ob deen Niveau dann elo akzeptabel ass, bedenklech oder geféierlech. Et feelt hei einfach un enger gesetzlecher Referenz op europäeschem Niveau, fir hiren Ëmweltimpakt och kënnen iwwerall ze standardiséieren an ze beurteelen.

Dann, wat d'Antibiotiquë betrëfft, do weisen déi Daten, déi mer hunn, drop hin, dass just den Azithromycin potenziell e lokaliséierten Ëmweltrisiko duerstelle kéint, wann ee sech dann erëm op déi Normes de qualité environnementale do baséiert, déi mat der Aktualiséierung vun enger europäescher Direktiv aus dem Joer 2022 virgeschloe goufen. Dat heescht, et ass eng Direktiv, déi ass amgaangen, déi ass aktualiséiert ginn an déi géif fir deen dote Wäert esou en NQE aféieren. An enger Miesscampagne, déi 2023 gemaach ginn ass vun der AGE, gouf awer kee vun deene Grenzwäerter iwwerschratt, déi do festgeluecht gi sinn op europäeschem Niveau. Wéi gesot, nach eng Kéier, et ass deen europäesche legalen Niveau, dee wierklech kann hei en Ënnerscheed maachen.

Da gëtt et eng Direktiv fir prioritär Substanzen, an déi befënnt sech elo an der leschter Upassungsphas, déi ass nach net duerch. An déi gesäit eeben dann och d'Aféierung vun esou Norme fir d'Ëmweltqualitéit fir verschidde pharmazeutesch Substanze vir. Déi zielen ech awer elo net alleguerten op. Dat sinn der eng ganz Partie – dat kann een Iech awer ganz gären eng Kéier sou mat op de Wee ginn – fir verschidden Antibiotika, och Hormoner an och entzündungshemmend Stoffer wéi zum Beispill den Diclofenac an den Ibuprofen.

An dës Direktiv, déi etabléiert dann och de Prinzipp vun der Reduktioun bei der Quell, andeems se bei der Entwécklung, der Produktioun an der Notzung vun de betraffene Substanze schonn agräift, also e bëssen dat, wat Dir gesot hutt, datt ee schonn am Ufank muss probéieren, dat schonn ze limitéieren oder op d'mannst schonn anzegrenzen an och preventiv do virzegoen.

Dann, parallell dozou gesäit dann elo d'Direktiv iwwert d'Ofwaasser – dat ass jo eng Direktiv, déi et scho méi laang gëtt –, dat wësst Der, déi véiert Reinigungsphas bei alle Kläranlage vir. Bei engem Einwohnergleichwert vun iwwer 150.000 Awunner muss een eng véiert esou Reinigungsphas aféieren. A fir méi kleng Kläranlage kënnen zousätzlech Installatioune gefuerdert ginn, jee no de Resultater vun de Risikoevaluatiounen, an déi kënnen och bestëmmte Residus vu Medikamenter dann erausfilteren.

Dann d'Gestioun vun den Offäll: Mir hu jo deen nationale Plang vun der Gestion des déchets, deen elo an enger Consultation publique ass, an do gëtt et och e spezifescht Kapitel iwwert d'Objektiver fir d'Fluxe vun de Medikamenter, an zwar sollen do a) duerch Preventioun nees – oder duerch Preventioun iwwerhaapt emol – d'Medikamentsoffäll reduzéiert ginn iwwer eng Sensibiliséierung fir eng gutt Gestioun vun der Familljenapdikt, e sënnvolle Gebrauch vun de Medikamenter an och eng gutt Gestioun allgemeng vun deenen Offäll a b) déi besteeënd Kollaboratioun tëschent den Autoritéiten an den Acteure weider verbessert ginn, dat heescht klassescherweis e bessert Zesummeschaffen tëschent de Ministèren, Synergië sichen, och bei der Collecte.

Bei der Entsuergung selwer, no dem Offallgesetz, ginn ofgelafe Medikamenter oder Medikamenter, déi net méi gebraucht ginn, als problematesch Offäll klasséiert, well se eebe kënne geféierlech sinn an e Schued uriichte kënnen. An déi Collecte bei de Privatleit an den Apdikte gëtt jo iwwert d'SuperDrecksKëscht organiséiert. Dat kennt och jiddwereen. An de Staat iwwerhëlt iwwert dee Wee dann d'Käschte vun der Entsuergung.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht fir Bierger assuréiert also wéi gesot um nationalen Niveau d'Collecte vun all de Medikamenter an dat an der Suerg, eng separat Collecte och flächendeckend am Land kënnen ze garantéieren, fir awer och eng sécher Behandlung vun de Medikamenter no de beschte Praktike fir Mënsch an Ëmwelt ze garantéieren.

A sou sinn zum Beispill 2024 insgesamt 209 Tonne Medikamenter/Kosmeetik ofgi ginn. Och dat sinn alles Zuelen, déi public sinn, déi kënne mer Iech soss och gären nach eng Kéier noreechen. An no engem weideren Tri duerch d'Aktioun SuperDrecksKëscht, dat heescht och d'Trenne vun de Verpakunge, ginn dann déi Medikamenter entsuergt. A bis August vun dësem Joer sinn zirka 129 Tonnen iwwert dee Wee gesammelt ginn, an dovunner 76 % Medikamenter. Also dat heescht, no nach engem weideren Tri, wann d'Verpakunge fortgemaach gi sinn, si mer nach mer bei 129 Tonnen, a 76 % dovunner si Medikamenter. Also wann een dann elo d'Evolutioun bei der Sammlung vun der SDK kuckt, dann ass d'Tendenz steigend a mir leie bei ronn 300 Gramm pro Awunner pro Joer. Voilà.

Dann, laut der Evaluatioun, déi an der Offallanalys gemaach gouf, kann ee soen, dass u sech och d'Medikamentenoffäll an der groer Poubelle ofgeholl hunn. Mee zanter 2020, an de Covidjoren, sinn déi nees op engem méi héijen Niveau, an zwar insgesamt an der groer Poubelle, alles zesumme geholl, bei ronn aacht Tonne pro Joer. Voilà.

Ech wollt elo net nach ze vill aner Zuelen ..., mee wann Der nach soss iergendwou Informatioune braucht, da kënne mer gären dodriwwer schwätzen.

Mee jiddwerfalls merci nach eng Kéier och, datt Der dee Sujet hei an der Chamber thematiséiert, well et e wichtegen ass, well et een ass, deen effektiv en Impakt op eis Gesondheet, op eis Ëmwelt och huet. An da soll een doriwwer schwätzen, da solle mer kucken, wat mer zesumme kënne maachen, fir dat besser ze maachen. Et gëtt schonn eng ganz Partie Strategien, och eng ganz Partie gesetzlech Moossnamen dofir, awer nach net iwwerall. Mir gesinn, um gesetzlechen, um legalen Niveau vun der Europäescher Unioun ass nach Potenzial a Loft no uewen.

Ech mengen, d'Gesondheetsministesch huet och gesot, wat an der Santé alles leeft. Mee mir sollen do konstruktiv un engem Strang zéien, fir déi Problematik weider am An ze behalen op där enger Säit, awer och ganz kloer deen Impakt dovunner op ons an op ons Ëmwelt ze reduzéieren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. D'Madamm Bernard huet nach, wa se wëllt, eng annerhallef Minutten Zäit fir eng Zousazfro. Si wëllt keng Zousazfro méi stellen. Dann ass domat dëse Punkt ofgeschloss a mir géingen zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen.

## 10. 8301 – Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration**

An den nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 8301 iwwert d'Digitaliséierung vum Rekrutéierungsprozess beim ëffentlechen Déngscht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice an dësem Fall huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéite hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Gusty Graas, den Här Ben Polidori, d'Madamm Alexandra Schoos an d'Madamm Djuna Bernard. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

***Rapport de la Commission de la Fonction publique***

**Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zil vum Projet de loi, iwwert dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, ass, d'Aféierung vun engem neie Système d'information „Recrutement" virzebereeden, deen ënnert der Verantwortung vum CGPO, also dem Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État, steet.

Dëse System soll d'Rekrutementsprozedur digitaliséieren: vun der Publikatioun vun de Plazen iwwer d'Umeldung an d'Organisatioun vun den Exame bis bei d'Kommunikatioun mat de Kandidatinnen a Kandidaten. D'Zil ass et, d'Verwaltung méi effikass ze maachen an d'Prozedure weesentlech ze vereinfachen.

Fir dësen neie System kënnen ëmzesetzen, ginn zwee Gesetzer ofgeännert: eng Kéier d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut général des fonctionnaires de l'État an d'Gesetz vum 25. Mäerz 2015, dat d'Modalitéite vum Changement d'administration festleet.

De Gesetzesprojet schaaft den Examen-concours spécial of, vereinfacht d'Publikatioun vun de Plazen a mécht d'Prozedur vum Changement d'administration weesentlech méi einfach. Hien erweidert d'Méiglechkeete vun der Mobilité interne, andeems d'Fonctionnairë sech kënnen op extern ausgeschriwwe Plaze mellen. Eng Dräi-Méint-Frist fir den Iwwergang tëscht de Verwaltunge suergt fir méi Kloerheet a Gerechtegkeet an all Kandidatur muss en plus elo elektronesch gemaach ginn. Zousätzlech féiert de Projet de loi eng Bestëmmung an, déi de Klassement vun engem Agent preziséiert, wann de Wiessel vun enger Verwaltung an eng aner sollt e Changement am Tableau indiciaire mat sech bréngen.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut diskutéieren, gouf de 24. August 2023 an der Chamber deposéiert. Den 2. Oktober 2023 ass de Projet un d'Kommissioun fir d'Fonction publique verwise ginn. D'Kommissioun huet de Projet de 24. Juni 2024 an hirer Sëtzung virgestallt kritt a bei där Geleeënheet sinn ech als Rapportrice designéiert ginn. Duerno huet de Minister fir d'Fonction publique, den Här Wilmes, den 20. Februar 2025 en Amendement gouvernemental deposéiert, deen eng Rei technesch Upassunge virgesäit, fir de Bedenke vum Staatsrot Rechnung ze droen.

A sengem Avis vum 11. Juni 2024 huet de Staatsrot op eng Onkloerheet am Artikel 3 higewisen, well de Projet net de Fall vum Staatsbeamte virgesäit, deen op eng Gemengeplaz kandidéiert, nodeems e virdrun an der Fonction publique geschafft huet an entlooss oder revoquéiert gouf. Dat kéint eng Ongläichbehandlung duerstellen an de Staatsrot géing sech dowéinst och virbehalen, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn. De Staatsrot huet sech och géint d'Formuléierung am Artikel 6 gestallt, déi dem Minister e reglementaresche Pouvoir géif ginn.

A sengem zweeten Avis vum 1. Juli 2025 huet de Staatsrot festgestallt, dass d'Erklärunge vun der Regierung d'Differenz vun de Situatiounen erkläre kënnen. Domadder huet hie seng Reserv zum zweete Vott a seng Opposition formelle opgehuewen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet de Projet an hirem Avis vum 25. Oktober 2023 am Prinzipp positiv bewäert, virun allem d'Fërderung vun der Mobilitéit an d'Ofschafe vum Examen-concours spécial. Si huet awer och e puer Kritickpunkten: d'selwecht Onkloerheet wéi de Staatsrot am Artikel 3 oder d'Obligatioun, beim externe Rekrutement e Concours ze maachen, déi si u sech net gerechtfäerdegt fënnt.

An hirem zweeten Avis vum 10. Mäerz 2025 bedauert d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, datt hir fréier Bemierkungen net alleguerten iwwerholl gi sinn, mee si betount awer d'Wichtegkeet vun enger oppener Mobilitéit fir all Fonctionnaire. A si erhält hire favorabelen Avis och oprecht.

Den 9. Oktober 2025 huet d'Kommissioun schliisslech de virleiende Rapport ugeholl.

Voilà, an domadder wier ech fäerdeg a menger Missioun als Rapportrice fir dëse Gesetzesprojet an ech géing virufueren als mandatéiert Spriecherin vu menger Fraktioun.

***Discussion générale***

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wëssen all, datt d'Fonction publique ee vun de Piliere vum Staat ass. D'Fraen an d'Männer, déi am Déngscht vum Staat schaffen, droen eng grouss Verantwortung. Si halen d'Verwaltung um Lafen, si garantéieren d'Kontinuitéit vum Service public a si maachen, datt d'Politick, déi mir heibannen decidéieren, och wierklech bei de Biergerinnen a Bierger dobaussen ukënnt.

Duerfir ass et eis gemeinsam Verantwortung, sécherzestellen, datt d'Weeër, iwwert déi dës Leit rekrutéiert, mobiliséiert a gefërdert ginn, modern, transparent a gerecht sinn. De Gesetzesprojet, dee mir haut diskutéieren, geet genee an déi dote Richtung. Et ass e wichtege Schrëtt an der Digitaliséierung an an der Professionaliséierung vun der Personalpolitick vum Staat.

De Gesetzesprojet ass en Deel vun enger méi breeder Dynamik, enger Verwaltung, déi mat der Zäit geet, déi op d'Erwaardunge vun de Biergerinnen a Bierger äntwert an déi hire Mataarbechter e modernen a faire Kader ubitt. Et ass e Projet, deen an d'Logik vun der weiderer Moderniséierung vun der Fonction publique erakënnt.

Ech sinn iwwerzeegt, datt dëse Gesetzesprojet zu enger méi effikasser, méi attraktiver a méi zougänglecher Fonction publique bäidréit. Duerfir ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen Iech Merci, Madamm Adehm, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Effektiv, d'Digitaliséierung spillt jo an eisem gesellschaftleche Liewen eng ëmmer méi grouss Roll. An dann ass et och evident, datt mer mussen e Staat schafen, deen net nëmmen transparent ass, mee dee ganz effikass ass. An hei ass e Gesetz – wat iwwregens jo vum fréiere Minister Marc Hansen deposéiert gouf –, wat an déi Richtung geet.

Mir sinn der Meenung, datt d'Digitaliséierung hei soll ganz positiv gesi ginn, well et erlaabt, de Rekrutementsprozess nach besser ze organiséieren, méi schnell ze organiséieren a vläicht déi Angscht ze huelen, déi munchmol e bëssen dorëmmer grasséiert bei Leit, déi elo e bësselche méi Problemer mat der Digitaliséierung hunn – an deen, deen de Moment schwätzt, ass och net onbedéngt en Expert.

Et muss een awer drop hiweisen, datt mer eis jo hei awer virun allem prioritär och u jonk Leit wenden. Jonk Leit si vill méi verwuess mat der Digitaliséierung. An dowéinst fanne mer dat och gutt, datt iwwert dee Wee elo de Rekrutementsprozess hei beim Staat verbessert gëtt.

À propos Rekrutement: Och do ass eng permanent Evolutioun. Ech ginn e Beispill aus dem Gemengesektor: Wann een d'Fonctioun vum Gemengesekretär vu virun 30 Joer hëlt an et vergläicht een déi mat der Fonctioun vun haut, dann ass do eng immens Differenz. An dowéinst ass et och wichteg, datt eng permanent Evolutioun do deem Rechnung dréit.

Dann ass en zweeten Aspekt vun dësem Gesetz, deen een awer muss ervirhiewen, de Changement d'administration, deen natierlech och elo scho méiglech ass, selbstverständlech. Dat gëtt och elo nach vereinfacht. Do däerf een net vergiessen: D'Motivatioun spillt e ganz grousse Rôle hei, well d'Motivatioun an enger Verwaltung – net nëmmen an enger Verwaltung, mee och an enger Verwaltung – ass vun enger ganz grousser Importenz. Een, dee weess, datt en eng Perspektiv huet, fir emol eng Kéier eng aner Plaz ze briguéieren, deen ass vill méi motivéiert, fir seng Fonctioun auszeféieren. An dowéinst ass dat heiten an deem Sënn och positiv ervirzehiewen.

An da vläicht nach eng drëtt Remark, datt ee jo och duerch dat Gesetz hei, wann een dee Changement d'administration mécht, dee Moment gegeebenefalls ka vläicht manner verdéngen. An datt awer esou laang dann d'Differenz bezuelt gëtt, bis een de Retard opgeholl huet, fanne mer och eng ganz normal Saach. Iwwregens gëtt et dat jo awer haut och schonn. Dat ass net onbedéngt eng Neiegkeet, mee et ass awer wichteg, datt een et nach eng Kéier ënnersträicht.

Wéi gesot, ënnert dem Stréch si mir der Meenung, datt dat hei e Gesetz ass, wat wichteg ass, wat de Staat zousätzlech moderniséiert. A mir sinn ugewisen – wéi d'Rapportrice dat jo och scho richtegerweis hei gesot hunn – op en effikasse Staat, op motivéiert Beamten, soudatt mir, wéi gesot, Här Minister, am Numm vun der DP nëmme kënnen och d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Ben Polidori. Här Polidori.

**M. Ben Polidori** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, et ass elo scho quasi alles gesot. Ech wollt just nach bäifügen: Ech mengen, och bei deene jonke Leit ass et vläicht net méi esou, dass déi 40 Joer wëllen op där selwechter Plaz schaffen. Dat heescht, och do ass et, mengen ech, gutt an dësem Gesetz, dass mer déi Dynamik einfach och schafen. Fir méi einfach eng Administratioun ze wiesselen oder e Ministère ze wiesselen, maache mer méi op. An ech mengen, dat ass och wichteg an och richteg esou.

Mir schafen domadder och méi eng dynamesch an och méi eng modern Fonction publique. Dat kënne

mir och als LSAP nëmmen ënnerstëtzen. An dofir wäerte mer och dëse Projet matdroen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Polidori. D'Madamm Alexandra Schoos.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Jo, villmools merci. Och mir kënnen natierlech nëmme fir e Gesetzesprojet stëmmen, deen eng Simplification administrative, wéi dat esou schéin heescht, mat sech bréngt. An et ass jo gutt, wann de Staat da fir d'éischt alles och am Kader vun der Digitalisatioun ausprobéiert a kuckt, dass et klappt, iert de Privatsecteur da vläicht nozitt oder dee souwisou scho virdrun ass.

Dowéinster géinge mir eisen Accord gi fir dëse Projet.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. D'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Et gouf scho villes gesot. Et ass e Gesetz, wat mer haut ganz gäre matstëmmen. Et ass e wichtege Schrëtt an der Moderniséierung vun eiser Fonction publique.

Et geet natierlech drëms, de Prozess ze dynamiséieren, och ze digitaliséieren a vum Moment, wou eng Plaz publizéiert gëtt, bis bei d'Bewäertung vun de Kandidaten e kohärenten, moderne System zougänglech ze maachen.

Gläichzäiteg gëtt och d'Mobilitéit tëscht de Verwaltunge vereinfacht. An dat ass eng gutt Noriicht, well mir brauchen eng modern an dynamesch Fonction publique, déi beweeglech ass, déi Erfarungsaustausch an och nei Perspektive fërdert. An dat maache mer heimadder ganz sécher méi einfach.

An deem Sënn stëmme mer dëst Gesetz, well et ass ganz sécher e Schrëtt an déi richteg Richtung vun enger moderner an dynamescher Fonction publique.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. An dann hunn ech op menger Lëscht nach den Här David Wagner stoen. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir wäerten dee Projet de loi och matstëmmen, well mer awer der Meenung sinn, datt et grosso modo e Fortschrëtt ass, datt et d'Fonction publique och méi attraktiv mécht, datt et et och méi einfach mécht fir Beamten, déi motivéiert sinn, fir vläicht an eng aner Administratioun ze goen, fir dat méi ze vereinfachen, fir och do hiren Input ze ginn. Dat ass eng gutt Saach. Et ass an eisen Aen awer trotzdeem e bësse schued, datt zum Beispill d'Educatioun ausgeklammert gouf. Dat hätte mer u sech nach léiwer gehat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An da wär et un der Regierung, wa se wëllt d'Wuert huelen. Här Minister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Serge Wilmes,** Ministre de la Fonction publique | Jo, villmools merci, Här President. Ech mengen, am Numm vun der Regierung soen ech Iech Merci fir déi unanime Ënnerstëtzung vun engem Gesetzesprojet, deen effektiv nach vu mengem Virgänger, dem Här Hansen, deposéiert ginn ass an deen dorobber aus ass, weider d'Fonction publique, wéi dat elo schonn e puermol hei richteg betount ginn ass, ze moderniséieren.

D'Fonction publique huet sech iwwert déi lescht 10, 15 Joer ganz vill verännert. Si ass vill méi divers ginn. Si gëtt eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter vill méi Méiglechkeeten, fir sech och beruflech weiderzeentwéckelen. An dat heiten ass zwar wuel vläicht e klenge Projet um Pabeier, mee e wäert awer eng grouss Auswierkung hunn an der Wierklechkeet, well elo all eis Beamtinnen a Beamte sech net nëmme méi intern, wéi dat bis elo d'Reegel ass, kënnen op Poste mellen, déi op sinn, mee och op all déi, déi extern ausgeschriwwe gi sinn. An dat ass e grousse Schratt no vir, genausou wéi och déi weider Digitaliséierung vun de Prozeduren heimadder no vir gedriwwe gëtt.

Ech wéilt och e ganz grousse Merci soen der Rapportrice, der Madamm Adehm, déi dee Rapport hei ganz komplett gemaach huet an esou am Detail, datt een och net muss op déi eenzel Punkten agoen, mee wierklech och nach eng Kéier ervirhiewen, datt ech frou sinn, datt hei d'gesamt Parlament hannert der Regierung steet an domadder hannert der Fonction publique an hannert eise Beamten a Beamtinnen.

Den Här President war selwer och eng Kéier an där Charge do dranner. An, ech mengen, et ass wichteg – et ass hei gesot gi vun der Madamm Adehm –: Et ass e Pilier vun eisem Land. An dee gëtt mat dësem Projet weider gestäerkt. An dowéinst e grousse Merci Iech.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci der Regierung. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Éier mer elo zum Vott kommen, an dat huet nach ëmmer net geännert, géif ech Iech drun erënneren, datt Der musst ageloggt sinn, wann Der wéilt matstëmmen. Also checkt dat nach eng Kéier alleguer no!

**Une voix** | Merci, Här President.

**M. Claude Wiseler,** Président | Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8301. Den Text steet am Document parlementaire 8301[6].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8301 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Stéphanie Weydert), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 11. Interpellation de M. Georges Engel sur la place du travail dans notre société et des valeurs humaines, sociales et économiques qui y sont associées

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Interpellatioun vum Här Georges Engel iwwert d'Plaz vun der Aarbecht an eiser Gesellschaft an déi mënschlech, sozial a wirtschaftlech Wäerter, déi domat verbonne sinn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Deemno huet den Interpellateur 30 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten, déi Lénk 7, an d'Regierung 30. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, d'Madamm Corinne Cahen, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Djuna Bernard an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Georges Engel als Auteur vun der Interpellatioun. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**M. Georges Engel** (LSAP), interpellateur | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Aarbecht muss sech lounen, oder? Dëser Meenung, mengen ech, stëmmt jo jiddwereen heibannen zou. Mee wat ass dann iwwerhaapt de Wäert vun Aarbecht oder vun der Aarbecht? A wéi muss déi sech loune respektiv wéi muss se entlount ginn?

Doriwwer hu scho ganz vill intelligent Leit sech de Kapp zerbrach: de Jean Charles Léonard Simonde de Sismondi, den Adam Smith, den David Ricardo, de William Petty, de Karl Marx, de Michael Sandel, zulescht och nach den Thomas Piketty, fir nëmme si ze nennen.

*(Interruptions)*

Ech wëll mech iwwerhaapt net an déi dote Rei aschreiwen, mee ech hu mer awer e puer Gedanke gemaach.

Gradesou wéi och d'Hannah Arendt, dat 1958 a sengem Buch „Vita activa" schreift, dass Aarbecht all Tätegkeet zur Erhalung vum Liewen ëmfaasst. Ganz nom Motto „Hierstellung, Consommatioun, Reproduktioun", a ganz kloer och „Schaffe fir ze liewen an net liewe fir ze schaffen". Dëst fënnt an engem éiwegen Zyklus statt, deen ni ofgeschloss ass, well de Wonsch no neier Consommatioun ëmmer erëm opdaucht.

Aarbecht steet, dem Arendt no, an der moderner Gesellschaft ëmmer méi am Mëttelpunkt. Dat geschitt, fir de Wuelstand, d'Consommatioun an de Wuesstum vun der Zäit um Liewen ze halen. D'Hannah Arendt ënnerscheet hei tëschent zwee wichtege Begrëffer: der Nëtzlechkeet an der Noutwendegkeet.

Ville Leit komme verschidde Beruffsgruppen als nëtzlech vir an eiser Gesellschaft. Mee ass deene Leit hir Aarbecht just nëtzlech? Wéi géif eis Gesellschaft ausgesinn, wann zum Beispill d'Keessjär oder de Keessjee am Supermarché oder de Serveur oder d'Serveuse am Restaurant op eemol net méi all Dag op hirer Aarbecht wieren, oder wann den Dreckswon op eemol net méi géif fueren?